

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Februar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Den Här Mobilitéitsminister huet an enger rezenter Versammlung iwwert den Ausbau vum RGTR-Netz betount, datt de Norden – am Híbléck op déi aner Bezierker am Land – gläichberechtegt behandelt gëtt, och wat d'Investissementer ugeet. Och weist sech d'Regierung bereet, strukturell Entwécklungen am ländleche Raum ze fërderen.

Dëst steet allerdéngs am Géigesaz zu rezenten Entwécklungen am Norden, notamment wat de Service vun der SNCA (Société Nationale de Circulation Automobile) ugeet. Wéi d'SNCA nach zu Wëlwerwolz vertrauede war, war et nach méiglech, kleng Kontrollen duerchféieren ze loossen, z.B. bei der Umeldung vu Pneuen, beim Kontrolléiere vum Gewiicht vun enger Remorque asw.

Nodeems d'SNCA hir Dieren zu Wëlwerwolz zougemaach huet an zu Maarnech eng nei Zweigstell opgaangen ass, ass dëst net méi méiglech. Op d'Nofro hinn huet d'SNCA confirméiert, datt een zu Maarnech just nach de reng administrativen Akt maache kann. D'Leit aus dem Norde sinn also elo och bei Klenggekeete gezwongen, bis op Sandweiler ze fueren. Och am Híbléck op de Wëllen no enger ëmweltfrëndlecher Politik schéngt dëst kontradiktoresch.

An deem Kontext géif ech dem Här Minister gär déi folgend Froe stellen:

1. Aus wat fir enger Motivatioun eraus ass zu Wëlwerwolz d'SNCA ofgezu ginn, ouni datt déi selwechte Leeschtungen duerno zu Maarnech konnten ugebuede ginn?
2. Ass et an den Ae vum Här Minister net eng onglécklech Situatioun, datt d'Bierger aus dem Norden elo bis op Sandweiler fuere mussen – an dat och fir Klenggekeeten?

3. Wa jo, envisagéiert den Här Minister eppes un där onglécklecher Situatioun ze änneren, sou datt d'Bierger net méi esou weit Strecken zrëckleeë mussen? Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun deene Mesurë gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten